N° 4605
Reçue le 02.07.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 05.07.2021

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 02/07/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.

Säit dem 1.03.2020 ass den Adapto-Service gratis. Ech hunn de Ministère schonn a verschiddene parlamentaresche Froen op d'Situatioun vu ville Persounen opmierksam gemaach, déi aktuell net méi kënnen op eng Adapto-Kaart zréck gräifen, well mat der Gratuitéit och d'Krittäre fir eng Kart kënnen ze kréien, geännert hunn. Mee och Persounen, déi eng Kaart accordéiert kruten, kënnen dëse Service net onbegrenzt notzen. Laut guichet.lu sinn d'Faarten op 360 Trajete pro Joer limitéiert.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Handelt et sech bei dësen 360 Trajeten em eenzel Faarten oder sinn se als Aller-retouren ze verstoen? Falls et sech ëm 360 eenzel Faarten (also 180 Aller-retouren) handelt, kann de Minister d'Grënn fir dës Limitatioun erläuteren?

2. Ginn dës 360 Trajeten pro Joer dem Minister no duer, fir als Persoun mat Handicap esou um gesellschaftleche Liewen kënnen deelzehuelen, wéi Persounen, déi keen Handicap hunn?

3. Mat wéi engem Käschtepunkt wier eng Hausse vun der maximaler Unzuel u Faarte schätzungsweis verbonnen, wann een all Persoun, déi eng Adapto-Kart besetz, géif erlaben, emol pro Dag vun engem Aller-Retour profitéieren ze kënnen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député